




Hans de Beer


KLENGEN ÄISBIER

Wuer fiers du?





De Lars hat wéi Patten, wéi hien iwwert de waarme Sand gelaf ass.
Hien huet no Schnéi an Äis verlangert. Hien ass zréckgaangen,
well hien sech d’Patten am Waasser ofkille wollt. An deem Ament
ass virun him e risegt Déier opgedaucht.
»Buuuuuh!«, huet et gemaach.
De Lars ass fortgelaf.



»Stopp! Stoebleiwen! Et war dach nämme Spaass!«, huet dat grousst Déier geruff. »Ech sinn den Hippo, d'Nilpäerd. A wie bass du? Firwat bass du esou wäiss?«

Op déi lescht Fro konnt de Lars net äntweren. »Do, wou ech hierkommen, ass einfach alles wäiss!« Hien hat elo keng Angscht méi virum Hippo an huet him vu senger laanger Rees verzielt.

»Ech géif gär erëm heemgoen«, sot hien zum Schluss.